D'Roll vun der Gruppecheftaine / vum Gruppechef

De Grupp gët geleet an no bausse vertruede vun engem® Gruppechef/taine. Dem anere Geschlecht. (.....)
De Gruppechef/taine as dem Verband géintiwwer verantwortlech fir d'gutt Fonktionnéiere vum Grupp no de Grondsätz, Statuten a Reglementer vun de „Lëtzebuerger Guiden a Scouten". (Statuten Art. 3.3)

De Gruppechef/taine huet eng wichteg an intressant Funktioun mat ville Facetten:

1. **De Gruppechf/taine as <u>een</u>/<u>eng</u> kollegial Chef/taine <u>am</u> Grupp.**

    - Hien/Si as eng Persoun déi mat jidderengem e gudde perséinleche Kontakt huet .
    - Hien/Si hëlleft hinne bei Schwiregketen, vermëttelt bei Sträitfroen a Reiwereien, stäipt hinnen de Réck a motivéiert fir mat ze decidéieren a mat Verantwortung z'iwwerhuelen.
    - Hien/Si passt drop op, datt am Grupp d'Fraen an d'Männer partnerschaftlech mateneen ëmgin.
    - Hien/Si huet virun allem eng positiv Astellung , spuert nët mat éierlechem Luef,an hält sech zréck mat Kritiken.
    - Hien/Si schafft un hiren egene Chefqualitéiten an hëlleft denen aneren, dës Qualitéiten ze entwéckelen. (Kuck am Kapitel Chef/taine sin)

2. **De Gruppechef/taine as <u>den</u>/<u>déi</u> responsabel Chef/taine <u>vum</u> Grupp**

    - Hien/Si suegt derfir, datt de Grupp séng Roll an der Uertschaft an am Verband efëllt (Kuck am Kapitel: De Grupp) a säi Joresprogramm duerchzitt (Kapitel: Joresprogramm vum Grupp)
    - Hien/Si coordinéiert d'Aarbecht vum Grupperot esou, datt do <u>nët nëmmen</u> iwwer Materielles an Organisatoresches geschwat gët, mee och iwwer Edukatives. (Kuck am Kapitel: De Grupperot)
    - Hien/Si wees wéi ët mat der d'Kees vum Grupp steet a werft och emol en Aa op d'Branchekeesen.
    - Hien/Si këmmert sech em de Subside vun der Gemeng.
    - Hien/Si as op fir nei Iddien, encouragéiert originell Initiativen an akzeptéiert och emol e Risiko.
    - Hien/Si fördert d'Zesummeschaffe vun de Branchen am Grupp an d'Continuitéit vun der Erzéiungsaarbecht, sou datt den eenzelne Member progressiv duerch d'Branchen ëmmer méi erausgefuerdert gët a sech ëmmer méi bewosst engagéiert.
    - Hien/Si kann, wann Nout um Mann as, an enger Branche zäitweileg als Chef/taine mat asprangen. (D'Responsabilitéit um Weekend an um Camp gët op enger anerer Plaz behandelt)
    - Hien/Si mécht d'Verbindung tëscht dem Grupperot an de Frënn, déi dem Grupp a finanziellen a materielle Saachen hëllefen. Hien/Sie setzt sech derfir an, datt déie eenzel Branchen Raim a Material zu Verfügung hun a waacht driwwer, datt déi édukativ Ziler vum Guiddem/Scoutissem ni vergiess gin.
    - Hien/Si këmmert sech ëm den Nowues bei de Chef/tainen. Hien/Si dréit d'Suerg, datt eenzel Chef/tainen nët op hire Poste sëtze bleiwen an doduerch méi Jonker keng Chance kréie fir och hir Talenter als Chef/taine zu entwéckelen. An dësem Punkt geet hien/si mam gudde Beispill vir.

- Hien/Si representéiert de Grupp no baussen an ënnerhält gutt Kontakter mat Elteren, Autoritéiten, Nopeschgruppen, aneren Veräiner .....
- Hien/Si ka sech ëmmer un e Commissaire oder un d'Zentral vum Verband wende fir eng Informatioun oder e Rot ze kréieren. Hien/Sie encouragéiert och déi aner Chef/tainen, am Verband matzeschaffen a vun deem sénge Servicer ze profitéieren. (Kuch am Kapitel iwwer d'Servicer vum Verband)
- Hien/Si dréit eng juristesch Verantwortung fir de Grupp. Hien/Sie engagéiert de ganze Grupp duerch hir Ënnerschrëft. Hien/Si mécht d'Chef/ tainë vun de Branchen op eventuell Gefore bei geplangten Aktivitéiten opmierksam. (Kuck d'Kapitel: Responsabilitéit vun de Chef/tainen).

3. Gruppechef/taine as en opmierksame Formateur.

- Hien/Si ass sech bewosst, datt hien/si eng wichteg Roll spillt an der Formatioun vun denen anere Chef/tainen am Grupp.
- Hien/Si hält sech um Lafenden iwwer de Guidissem/Scoutissem, iwwer de Verband an iwwer Erzéiungsfroen, z.B. Neiegkeeten aus der Zentral, Weiderformatioun wéi z.B. Technëschen Dag.- spirituell Formatioun, Zäitschrëften, Bicher, perséinlech Kontakter .... Hien/Sie kennt d'Haaptakzenter vun de Branchemethoden a steet mat Root an Dood zur Verfügung.
- Hien/Si hëlt Geleenheten anuecht, a mecht Chef/tainen op d'Weiderbildung opmierksam déi vum Verbandl ugebuede gin. (Kuck am Kapitel: Chefformatioun am Grupp)
- Hien/Si huet den Iwwerbléck iwwer de Stand vu Formatioun an Ernënnung un all eenzelne Chef/taine.
- Hien/Si mécht déi aner Cheef/tainen op Formatiounsoffere vum Verband opmierksam an encouragéiert se, vun dësen Offeren ze profitéieren. Hien/ Sie weist se och mat Zäit op déi erfuerdert Ernënnungen fir Weekender an Campénger hin.
- Hien/Si suergt derfir, datt am Grupperot iwwer Formatiounsstagë geschwat gët, an datt d'Chef/tainen do vun hire Formatiounserliefnësser rapportéieren. Natiirlech erzielt hien/si selwer och iwwer hir Formatioun, z.B. d'GC-Rencontren (Kuck am Kapitel: De Grupperot)

4. D'Gruppechef/taine as en zefriddenen Organisateur.

- Déi vill Aufgabe sollen d'Gruppechf/tainen nët iwwerfuederen; am Géigendeel: D'Arbecht vun enger/em Gruppechef/taine soll Spaass machen a si soll Freed un deser Funktioun hun! Duerfir léisst hien/si sech nët ënner falsche Leeschtungsdrock setzen. Ët as besser, sech Prioritéiten ze setzen a mat Freed un déi erunzegoen, ewéi ze versichen, mat vill Stress alles grläichzäiteg ze maachen.
- En Deel vun hire Funktioune kann d'Gruppechef/taine un aner Persounen delegéieren, z.B. un e Gruppesëkretär, e Gruppekeessier, e Mateialverwalter. Et as och nët schlecht, wann heiansdo eng aner Chef/taine fir een Owend d'Ledung vum Grupperot iwwerhëlt.
- De Gruppechef-adjoint iwwerhëlt normalerweis och eng fest Charge; hie kann sech z.B. speziell ëm d'Chefformatioun këmmeren.
- D'Gruppechef/taine schafft mat „System". Hien/Si setzt sech kloer a realistesch Objektiver, op déi hien/si lass steiert; hien/si huet en ausgeglachenen Agenda, mat deem hien/si selwer an hir Famill kënnen zefridde sin.
- Hien/Si trennt Guidissem/Scoutissem a Privates.

- De Gruppechef/taine gët wichteg Informatioune weider déi sie/hien duech evtl. Medien gewuer gin as wéi z.B. „Wéi verhalen ech mech bei Zecken“ asw.
- De Gruppechef/taine mierkt sëlwer wann ët Zäit as seng Charge oofzegin a denkt am Viraus drun fir en neie Chef/taine an des Fonktioun anzeweisen.